## Gemengerot
# vum 8. Mee 2026

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** begréisst all d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 8. Mee 2026. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

D'**Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)** invitéiert d'Membere vum Gemengerot op de „Springfield Festival", deen de 16. Mee 2026 stattfënnt. Virgesinn ass e villfältege Programm fir Kanner; dono ginn Animatiounen an Aktivitéite fir e méi breede Public ugebueden.

Si ënnersträicht déi grouss Aarbecht, déi vum JUKI (Jugendhaus Kielen) geleescht gouf, deen e grousst Netzwierk vu Partner a Fräiwëllege mobiliséiert huet, fir dësen Event méiglech ze maachen. D'Mataarbechter vum JUKI waren iwwerdeems de selwechten Dag bei Eldoradio op Besuch, fir de Festival virzestellen an de Public op dës Manifestatioun opmierksam ze maachen.

Des Weideren invitéiert d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) op de KUKI (Konscht- a Kulturfestival Kielen), deen den 31. Mee 2026 ab 11.00 Auer stattfënnt. Bei dëser Geleeënheet wäerten 143 Kënschtlerinnen a Kënschtler hir Wierker dem Public presentéieren. E villfältege Programm erméiglecht et de Visiteuren aus allen Altersgruppen, dëse kulturellen Event voll a ganz ze genéissen.

Den **Här Guy Kohnen (CSV)** bericht iwwer d'Sëtzung vum Comité vum SICEC (Syndicat Intercommunal pour la Construction et l'Exploitation d'un Crématoire), déi de 15. Abrëll 2026 stattfonnt huet. Bei den Diskussioune stoung virun allem d'finanziell Situatioun vum Projet fir d'Erweiderung vum Krematorium am Mëttelpunkt. De Gemengen déi Member si sollten ursprénglech e Bäitrag u Kapital vun insgesamt 3,6 Milliounen Euro leeschten, wouvun tëschenzäitlech schonn eng Millioun Euro agesat gouf.

Ganz rezent huet de Syndikat allerdéngs e Subsid vun 2,6 Milliounen Euro vum Innemi-nistère accordéiert kritt. Dëst ass eng erfreelech Nouvelle fir d'Gemengen déi Member sinn, well domat de Rescht vum Apport dee virgesi war praktesch entfält.

Fir en zäitlechen Engpass u Liquiditéiten ze vermeiden, gouf awer nach eng zousätzlech Rechnung vu 7.300 Euro ausgestallt. Am Kader vun dësem Erweiderungsprojet wäerten an Zukunft keng weider finanziell Bäiträg vun de Membergemenge gefrot ginn. De Chantier ass och an der Endphas. Déi éischt Anäscherungen oder déi ganz Zeremonië kënnen ab August 2026 erëm stattfannen. Am Joer 2025 hunn am Ganzen 3.204 Anäscherunge stattfonnt. Dovunner waren 322 Fäll (ronn 10%) Demanden aus dem Ausland. Ausserdeem goufen d'Äsche vun 147 Verstuerwener verstreet, ouni datt e Member vun der Famill oder aus dem Bekanntekrees bei der Zeremonie dobäi war.

Den **Här Max Molitor (LSAP)** informéiert de Gemengerot iwwer d'Schoulrentrée um neie Campus zu Elmen an erënnert un déi offiziell Aweiung vun der Schoul, déi haut stattfënnt. Dank der Presenz vum President vun der Schoul an der Direktioun vun der Maison Relais an enger Sëtzung vum Schäfferot konnt eng éischt Bilanz gezu ginn.

D'Schoulrentrée ass souwuel an der Schoul wéi och an der Maison Relais ënner ganz gudde Konditioune verlaf. Déi Woche virun der Ouverture waren eng grouss Erausfuerderung fir all déi Bedeelegt. De Schäfferot an de Gemengerot soe sämtleche Persounen, déi sech engagéiert hunn, e grousse Merci fir hiren Asaz an hiert Engagement.

D'Organisatioun vun esou enger Plënner am Laf vum Schouljoer stellt e komplexe Prozess duer, besonnesch well d'Infrastrukturen an d'intern Prozeduren no an no hu missen entdeckt a kennegeléiert ginn. Trotz dësen Erausfuerderungen ass den Iwwergang erfolegräich verlaf.

D'Befierchtungen, déi am Virfeld am Zesummenhang mam Verkéier an de Parkméiglechkeete geäussert gi waren, hunn sech net bestätegt. D'Eltere goufen op der Plaz sensibiliséiert, an d'Police grand-ducale war schonn um éischten Dag präsent. Och d'Direktioun vun der Maison Relais huet de gudde Verlaf vun der Schoulrentrée confirméiert. Déi Situatioun, déi vu verschiddene Leit gefaart gouf, ass deemno net agetrueden.

An dësem Zesummenhang seet den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, dem Léierpersonal, der Direktioun vun der Maison Relais, de Servicer vun der Gemeng an allen Acteuren, déi un dësem Projet bedeelegt waren, e grousse Merci.

Hien ënnersträicht dat bemierkenswäert Engagement vun alle Bedeelegten, fir d'Ouverture vun der Schoul ënnert optimale Bedéngungen ze garantéieren an hir Aweiung haut ze organiséieren.

Den **Här Guy Breden (CSV)** invitéiert d'Membere vum Gemengerot, un der véierter Editioun vun der „Kielener Intejuegd" deelzehuelen, déi den 9. Mee 2026 organiséiert gëtt. Et handelt sech schonn ëm déi véiert Editioun vun dëser Manifestatioun, déi all Joer op de selwechten Dag wéi den Europadag fält.

Dës Manifestatioun, déi mëttlerweil e feste Bestanddeel am Kalenner vun der Gemeng ass, bitt e flotte Parcours, deen am Mëttelpunkt vum Event steet, souwéi verschidden Animatioune fir all Altersgruppen. D'Participante si gebieden, dëse Parcours matzemaachen, deen d'Haaptattraktioun vum Dag duerstellt. D'lescht Joer haten och verschidden Ekippen, déi ausschliisslech aus Erwuessene bestanen hunn, un der Manifestatioun deelgeholl.

An der Schoulkommissioun gouf ausserdeem festgehalen, datt sech verschidde Suergen, déi virun der Ouverture vum Campus geäussert gi waren, an der Praxis net bestätegt hunn. Sou hunn sech d'Dimensioune vum Schoulhaff an och d'Héicht vun de Clôturen als ugepasst un d'Besoine vun der Schoul erwisen. Obwuel um éischten Dag beim „Kiss & Go" e liichten Duerchernee fest ze stelle war, besonnesch wéinst dem Material, dat vun den Eltere matbruecht gouf, ass d'allgemeng Organisatioun awer gutt verlaf.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, informéiert de Gemengerot doriwwer, datt déi offiziell Aweiung vun der neier Schoul zu Elmen haut um 16.00 Auer a Presenz vum Educatiounsminister, dem Här Claude Meisch, an dem Inneminister, dem Här Léon Gloden, stattfënnt. No der Zeremonie ass e Familljefest, virun der Maison Pour Tous, virgesinn dat fir jiddereen zougänglech ass.

De Restaurant „The Score" huet d'Membere vum Gemengerot och op d'Aweiung vu senger neier Terrass invitéiert, déi haut um 15.00 Auer organiséiert gëtt. Déi favorabel Wiederkonditioune wäerten dozou bäidroen, datt déi dräi Manifestatiounen ënner beschte Konditioune kënne stattfannen.

De Buergermeeschter deelt weider mat, datt d'Dammenekipp vum FC Kielen de 16. Mee 2026 hire leschte Championnatsmatch bestreit. No enger besonnesch erfollegräicher Saison wäert d'Ekipp an déi nächst Divisioun opklammen. D'Membere vum Gemengerot goufen invitéiert, d'Ekipp bei dësem Match z'ënnerstëtzen an dëser Unerkennung fir dës Leeschtung auszedrécken.

Wat d'Infrastrukture vun der Gemeng ugeet, fänken d'Aarbechten um Chantier beim Café Lippert den 11. Mee 2026 un. No de Informatiounen déi virléie, soll de Chantier zu deem Zäitpunkt definitiv lancéiert ginn.

Et gouf och eng Machbarkeetsstudie betreffend d'Sportinfrastrukture vum FC Kielen ausgeschafft. Um Terrain Nr. 3 soll op laang Siicht déi nei Schwämm entstoen, e Projet dee vum zoustännege Syndikat also an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Koplescht gedroe gëtt. Dës Realisatioun féiert dozou, datt een Trainingsterrain, deen de Veräin aktuell notzt, verschwënnt.

Den aktuellen Terrain 1 gëtt komplett erneiert an zwar erëm als Grasterrain ugeleucht, fir an Zukunft weiderhin offiziell an international Matcher kënnen ofzehalen. No méi wéi véierzeg Joer Notzung ass eng Erneierung vum Terrain néideg ginn.

Op engem Terrain iwwert dem Schoulgaart, laanscht dem Wee Richtung Katrewang, ass d'Amenagement vun engem syntheeteschen Trainingsterrain virgesinn. D'Gemeng huet dëse Site virun e puer Joer gesteet. D'Planunge gesi vir, datt do eventuell och nach eng zousätzlech Trainingsfläch realiséiert kéint ginn. D'Ëmsetzung soll an den nächste Jore geschéien, well de Chantier vun der Schwämm viraussiichtlech Enn 2027 oder Ufank 2028 ufänkt.

De Schäfferot huet sech ausserdeem eens gewisen, de Chalet um Uert „Der Seit der Hohbuch" ze kafen. De Compromis gouf schonn ënnerschriwwen. De Kaf wäert zu engem spéideren Zäitpunkt dem Gemengerot zur Approbatioun virgeluecht ginn.

De Chalet läit „um Schaar", no bei der éischter Kräizung op der Streck tëscht Keespelt a Koplescht, an ass op engem Terrain vu ronn engem Hektar situéiert. D'Gebai staamt aus den 1980er Joren a befënnt sech an engem gudden allgemengen Zoustand. De Site grenzt un de Bësch vun der Gemeng a bitt interessant Perspektive fir pedagogesch an naturverbonnen Aktivitéiten. A Récksprooch mam Fierschter gouf confirméiert, datt de Site sech besonnesch gutt fir Schoulaktivitéiten, Campen an der Natur a weider Manifestatioune vun der Gemeng eegent. De Site soll no der Acquisitioun schrëttweis opgewäert ginn.

Dëse Mount soll déi wäiss Beschichtung vun der Strooss an der Zon 30 virum Gemengegebai gemaacht ginn. Fir d'Applikatioun vun de geplangte Beschichtung musse passend Wiederkonditioune virleien.

Den 12. Juni 2026 fënnt eng wichteg Reunioun am zoustännege Ministère statt, un där Vertrieder vum Transportministère, vum Ëmweltministère, vun der Administration des Ponts et Chaussées, de Schäfferot an de technesche Service vun der Gemeng Kielen deelhuelen. Géigestand vun dëser Reunioun ass de Projet vum Contournement.

D'Gemeng huet am Laf vum vergaangene Joer den Tracé vun der Variant vum Contournement, déi si favoriséiert an deen tëscht Kielen a Koplescht verlafe géif, ausgeschafft an dësen dem zoustännege Ministère virgeleucht. Parallel dozou goufen éischt Gespréicher mat de Proprietäre vun de concernéierte Parzelle gefouert. Verschidde Proprietären hunn sech bereet erkläert, déi fir de Projet néideg Terrainen un d'Gemeng ze veräusseren.

Am Dossier gouf och begrënnt, firwat d'Gemeng sech géint eng Variant tëscht Kielen an Nouspelt ausschwätzt. Als Alternativ Moossnam gëtt virgeschloen, eventuell dee géie Wee tëscht Koplescht a Kielen (CR) gréisstendeels der Natur zeréck ze ginn a just nach fir duuss Mobilitéit ze notzen . Den Accès fir d'Land- a Forstwirtschaft géif dobäi natierlech erhale bleiwen.

D'Gemeng hofft, datt dës Reunioun et erméiglecht, den Dossier vum Contournement konkret virunzebréngen. No den aktuell virleienden Informatiounen handelt et sech dobäi ëm eng éischt Aarbechtssëtzung, op déi nach weider Schrëtt nokomme wäerten.

Obwuel den Ëmweltministère aktuell éischter eng Variant a Richtung Nouspelt favoriséiert, ass d'Gemeng der Meenung, datt hir Argumenter, besonnesch d'Renaturéierung vun engem Deel vun der Strooss tëscht Kielen a Koplescht (CR), solle berécksiichtegt ginn.

Bei der Installatioun vun der Rouder-Luucht beim Site vum Domaine Hueseknäppchen geet et weider. Déi néideg technesch Equipementer goufe geliwwert, sou datt dës an de nächsten Deeg kann a Betrib geholl ginn.

Weider gouf der Gemeng eng Autorisatioun ausgestallt fir eng nei Rout Luucht bei der Cité Beichel z'installéieren. Dës Moossnam ass besonnesch wichteg fir d'Sécherheet vun de ville Kanner, déi all Dag d'Strooss eriwwergi fir op de Schoulcampus ze kommen. Ier d'Installatioun ofgeschloss ka ginn, mussen nach Aarbechte vun der Creos ausgefouert ginn. Et ass aktuell nach net gewosst, ob dës Aarbechten nach virun der Summervakanz kënnen ofgeschloss ginn.

Den **Här Marc Bissen (LSAP)** ergänzt, datt déi zwee Weieren, déi am Kader vum SICONA-Projet virgesi sinn, schonn zënter dem leschte Joer an der Planung sinn. D'Dossiere ginn an enger nächster Phas den zoustännegen Autoritéiten zur Geneemegung virgeleucht.

## *1. Compromis/Akten/ Konventiounen*

### *1.1. Konventioun fir eng Servitude bezüglech der Pos vun enger Kanalisatioun fir Reewaasser op enger Parzell geleeën um Uert „Boesemt" zu Nouspelt*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun fir eng Servitude bezüglech der Pos vun enger Kanalisatioun fir Reewaasser op enger Parzell geleeën um Uert „Boesemt" zu Nouspelt, déi de 20. Mäerz 2026 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, an dem Kierchefong, vertrueden duerch den Här Jonas David-Quignon, ënnerschriwwe gouf. D'Leitung verleeft duerch Parzell Nummer 262/5208, Sektioun C vun Nouspelt, geleeën um Uert „Boesemt" op enger Längt vu 67 Meter mat enger minimaler Iwwerdeckung vu 60 cm.

Am Kader vun der genannter Konventioun, engagéiert d'Gemeng sech e Revisiounsschacht op déi concernéiert Parzell ze bauen, de Terrain erëm an säin initialen Zoustand zerécksetzen nodeems d'Pos vun der Kanalisatioun stattfonnt huet a fir all d'Fraisen déi duerch déi künfteg Entretiens- a Reparatiounsaarbechten ufalen opzekommen. De Proprietär verflicht sech sengersäits deene Persounen déi vun der Gemeng designéiert goufen den Zougang zur Parzell fräizeloossen, no Ofschloss vun den Aarbechte keng Interventiounen un der Kanalisatioun virzehuelen, eng Schutzzon ronderëm d'Leitungen ze respektéieren an, am Fall vun engem Verkaf oder engem Echange vun der Parzell, all neie Proprietär iwwert d'Bestoe vun der Servitude z'informéieren an en dozou ze verflichten, all

déi Verpflichtungen déi doduerch entstinn ze iwwerhuelen.

### 1.2. Konventioun fir eng Servitude bezüglech der Pose vun ënnerierdesche Reseauen zu Kielen
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun fir eng Servitude bezüglech der Pose vun ënnerierdesche Reseauen zu Kielen déi den 29. Abrëll 2026 tëschent der Verwaltung vun de Gemeng Kielen vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit Wandpark Kielen S.A., vertrueden duerch den Här Guy Uhres an den Här Adreas Schmitz, ënnerschriwwe gouf. Déi genannte Servitude belaascht e Gemengewee, ouni Kadasternummer an op enger Längt vun 244 Meter.

D'Konventioun fir eng Servitude gëtt der Societéit Wandpark Kielen S.A. d'Recht Leitungen an engem Gruef mat enger Breet vun ongeféier 120 cm, mat enger Mindestiwwertdeckung vun 100 cm ze verleeën, zäitweileg eng Strëpp Terrain vun 10 Meter wärend den Aarbechten ze notzen an zu all Moment Zougang zum Terrain ze hunn, fir Kontroll-, Ënnerhalts- oder Reparaturaarbechten duerchzeféieren.

D'Gesellschaft verflicht sech, de Proprietär am Viraus iwwer den Ufank vun den Aarbechten z'informéieren, all Käschten am Zesummenhang mat der Verleeung, enger eventueller Verlagerung oder Ewechhuele vun de Leitungen ze droen, de Terrain no all Interventioun an den ursprénglechen Zoustand zeréckzesetzen an dem Proprietär eng eemoleg Entschiedegung fir d'Servitude ze bezuelen.

De Proprietär verflicht sech, d'Restriktiounen am Zesummenhang mam Verlaf vun de Kabelen anzehalen, der Gesellschaft permanenten Zougang fir Kontroll-, Ënnerhalts- a Reparaturaarbechten ze garantéieren an, am Fall vun engem Verkaf vum Terrain, den neie Proprietär iwwer d'Servitude z'informéieren an him all Rechter a Flichte vun der Konventioun ze iwwerdroen.

### 1.3. Nottärsakt fir den Echange vu Parzellen an der rue d'Olm zu Nouspelt
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt fir en Echange n°14041 deen de 24. Abrëll 2026 tëschent der Koppel Scherer-Ditchen an der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt, tauscht d'Koppel mat der Gemeng d'Parzell n°60/4997, Strooss, mat enger Surface vun 0,23 Ar, géint d'Parzell n°60/4998, Plaz, mat enger Surface vun 0,41 Ar, alle béid geleeën um Uert „Rue d'Olm". Dësen Tosch fënnt fir e Präis vun 1.000,00 Euro den Ar statt an aus deem eng Sult vun 180,00 Euro zu Gonschte vun der Gemeng ervirgeet. De Compromis deen dozougehéiert gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 28. November 2025 approuvéiert.

### 1.4. Nottärsakt fir den Echange vu Parzellen an der rue de l'École zu Nouspelt
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt fir en Echange n°14042 deen de 24. Abrëll 2026 tëschent der Societéit Nospelt Property S.àr.l., vertrueden duerch den Här Christian Steffen, Clerc de notaire, an der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt, tauscht d'Societéit mat der Gemeng d'Parzell n°174/5276, Strooss, mat enger Surface vun 0,08 Ar, géint d'Parzellen n°174/5274, Plaz, mat enger Surface vun 0,11 Ar, an n°175/5278, Plaz, mat enger Surface vun 0,58 Ar, soit en Total vun 0,69 Ar, all geleeën, Sektioun C vun Nouspelt um Uert „Rue de l'École". Dësen Tosch fënnt fir e Präis vun 1.000 Euro den Ar statt an aus deem eng Soulte vu 610,00 Euro zu Gonschte vun der Gemeng ervirgeet. De Compromis deen dozougehéiert gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 28. November 2025 approuvéiert.

### 1.5. Avenant zur der Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Bau vun de Gebaier vum Lotissement „Auf den Strachen" an der rue Pierre Dupong zu Keespelt
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant vun der Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Bau vun de Gebaier vum Lotissement „Auf den Strachen" an der rue Pierre Dupong zu Keespelt, deen de 15. Abrëll 2026 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, der Societéit Coprom S.A. an der Societéit CDCL Promotions S.àr.l., gemeinsam vertrueden duerch den Här Nico Arend an den Här Marc Ketter, ënnerschriwwe gouf. Den Initiator vum Projet, ursprénglech vertrueden duerch d'Association momentanée „Lotissement op den Strachen", zesummegesat duerch Societéite Coprom S.A., Bibe S.àr.l. an CDCL Promotions S.àr.l., huet Demande gemaacht fir dës Associatioun opzeléisen. Deemno, gëtt de Projet an d'Zukunft direkt vun den dräi virdru genannte Societéite vertrueden. Opgrond datt déi nei Bankgarantie op Societéit Coprom S.A. ausgestallt ass, muss de jëtzegen Avenant ofgewéckelt ginn. Déi initial Konventioun, déi den 20. Mee 2020 ënnerschriwwe gouf, gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 27. Mee 2020 approuvéiert.

## 2. „Meng Gemeng lieft Sport" - Charta fir d'Entwécklung vun der kierperlecher Aktivitéit an dem Sport
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot stëmmt der kommunaler Charta fir d'Entwécklung vun der kierperlecher Aktivitéit an dem Sport „Meng Gemeng lieft Sport" zou, déi vum Schäfferot de 15. Abrëll 2026 ënnerschriwwe gouf. Duerch dës Charta engagéiert sech d'Gemeng, aktiv bei der Ëmsetzung vun der gemeinsamer Visioun matzewierken, notamment eng gesond, aktiv an inklusiv Gesellschaft ze fërderen, an där all Mënsch d'Méiglechkeet huet, u kierperlechen a sportlechen Aktivitéiten deelzehuelen, onofhängeg vu sengem Alter, senge Fäegkeeten oder senger sozialer Situatioun.

Doriwwer eraus engagéiert sech d'Gemeng duerch dës Charta, eng Sportpolitik ze fërderen, déi op de Prinzippie vun der Nohaltegkeet, der Inklusioun an der Diversitéit, der Transparenz, dem Respekt an der Solidaritéit, der Ethik an dem Fair-Play souwéi der Biergerbedeelegung baséiert.

Ausserdeem hält d'Gemeng fest, datt si dës Prinzippien ëmsetze wëll, andeems si eng equilibréiert Approche tëscht den Acteuren, der Offer an den Infrastrukturen entwéckelt, notamment duerch d'Stäerkung vun der Zesummenaarbecht, d'Ënnerstëtzung vun de lokalen Acteuren, d'Promotioun vun enger fir jidderee zougänglecher Offer an d'Entwécklung vu passenden Infrastrukturen.

## 3. JUKI ASBL – Konventioun tëschent dräi Acteure bezüglech dem Fonctionnement vum Service fir d'Zesummekommen, der Informatioun an der Animatioun fir Jonker
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot stëmmt der Konventioun 2026 zou betreffend d'Modalitéite vun der finanzieller Gestioun, d'Aart vun der finanzieller Bedeelegung vum Staat an d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht tëscht dem Staat, der Gemeng an dem agreéierte Gestionnaire fir de Service de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes JUKI A.s.b.l., déi den 3. Mäerz 2026 tëschent dem Educatiounsministère, der Verwaltung vun der Gemeng Kielen an dem Träger JUKI A.s.b.l., ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dëser Konventioun, déi den 1sten Januar 2026 a Kraaft getrueden ass, iwwerhëlt de Staat an d'Gemeng jeeweils 50% vum Coût vun de Personalkäschten an de Fonctionnementskäschten, geschat op 540.798,00 Euro fir d'Joer 2026, soit eng Participatioun fir d'Gemeng Kielen vun 270.399,00 Euro.

## 4. Jugendkommissioun

### 4.1. Demissioun vum Sekretär
*(eestëmmege Vott)*

Unhand vun hirem Bréif vum 23. Mäerz 2026, huet d'Madamm Sandrine Massard der Gemeng Kielen hir Demissioun als Sekretärin vun der Jugendkommissioun agereecht. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun.

### 4.2. Demissioun vun engem Member *(eestëmmege Vott)*

Unhand vun hirem Bréif vum 23. Mäerz 2026, huet d'Madamm Sandrine Massard der Gemeng Kielen hir Demissioun als Member vun der Jugendkommissioun agereecht. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgende Memberen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | | Localité | Fonction |
|---|---|---|---|---|
| 1 | vacant | | CSV | Secrétaire |
| 2 | WOLFF Judith | CSV | Keispelt | Membre |
| 3 | LUDOVICY Anne | CSV | Kehlen | Membre |
| 4 | BACK Joan | LSAP | Olm | Président |
| 5 | PACIOTTI PEREIRA Patrizia | LSAP | Olm | Membre |
| 6 | GREISCH Jessica | DP | Olm | Membre |
| 7 | STAUDT Vanessa | déi gréng | Kehlen | Membre |
| 8 | LUCAS Tania | neutre | Kehlen | Membre |
| 9 | PELLIN Jean-Claude | neutre | Keispelt | Membre |
| 10 | BONERT Philippe | neutre | Kehlen | Membre |
| 11 | DELVIGNE Thierry | neutre | Keispelt | Membre |
| 12 | ATTEN Manon | neutre | Olm | Membre |
| 13 | BASTIAN Christian | neutre | Olm | Membre |

## 5. Donen / Subsiden

### 5.1. Donen als Kompensatioun fir Kaddoen am Kader vu Gebuertsdeeg an Hochzäiten
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Subsid, deen Dank de Persounen déi op hier Kaddoe verzicht hunn, u follgend Fondatioun kann iwwerwise ginn:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Fondation Autisme Luxembourg Capellen | fondation | 3/191/648110/99001 | 1.870,00 € |

### 5.2. Divers Subsiden (1 Trimester vum Joer 2026)
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot spent follgend Subventiounen un national an international humanitär Associatiounen déi am éischten Trimester 2026 eng Subventiounsufro gemaach hunn:

| Demandeur(s) | | | | | | 2026 / 1er trimestre (janvier - mars) | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | Nom | N° Fournisseur | Forme juridique | Localité | Article budgétaire | Date demande | Montant |
| 1 | MemoShoa Luxembourg | 48288 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 12/01/2026 | 125,00 € |
| 2 | Association pour la Spina Bifida Luxembourg | 54788 | a.s.b.l. | Niederdonven | 3/192/648110/99001 | 27/01/2026 | 125,00 € |
| 3 | Fondation Lëtzebuerger Blannenvereenegung | 38735 | Fondation | Rollingen / Mersch | 3/192/648110/99001 | 23/01/2026 | 125,00 € |
| 4 | Lux Rollers | 35762 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 29/01/2026 | 125,00 € |
| 5 | FëBLux – Fir ëffentlech Bibliothéiken Lëtzebuerg | 48292 | a.s.b.l. | Dudelange | 3/192/648110/99001 | 13/02/2026 | 125,00 € |
| 6 | Fédération Luxembourgeoise de Tennis de Table (FLTT) | 39266 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 27/02/2026 | 125,00 € |
| 7 | La Sécurité routière | 13177 | a.s.b.l. | Bertrange | 3/192/648110/99001 | 20/03/2026 | 500,00 € |
| 8 | Médecins sans Frontières | 13515 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 14/01/2026 | 125,00 € |
| 9 | Handicap International Luxembourg | 27557 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 20/02/2026 | 125,00 € |
| 10 | Les Amis du Tibet | 34264 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 02/03/2026 | 125,00 € |
| 11 | SOS Villages d'Enfants Monde | 34476 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 03/03/2026 | 125,00 € |
| 12 | Care Luxembourg a.s.b.l. | 45821 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 05/03/2026 | 125,00 € |
| 13 | Action pour un Monde Uni | 50228 | a.s.b.l. | Filsdorf | 3/191/648110/99001 | 24/03/2026 | 125,00 € |
| 14 | Chrëscht mam Sahel | 28798 | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 31/03/2026 | 125,00 € |
| | | | | | | **Total** | **2.125,00 €** |

### 5.3. Ukraïnka ASBL – „Charity Event 2026 – Quiz Night“ zu Ollem – Don *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot decidéiert, am Kader vum „Charity Event 2026 – Quiz Night“, en Don vun 1000,00 Euro un d'ASBL „Ukraïnka“ ze spenden, fir hir humanitär Hëllef ze ënnerstëtzen, déi am Kader vum Krich an der Ukrain duerchgefouert gëtt.

### 5.4. „Inklusiounsfest 2025“ - Dekont
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Dekont bezüglech dem „Inklusiounsfest 2025“ deen den 29. Abrëll 2026 vum Receveur opgestallt gouf. Dëst Fest gouf vun der Inklusiounskommissioun de 27. September 2025 organiséiert an huet e Boni vu 483,72 Euro generéiert.

### 5.5 „Floumaart fir Jugend- a Kannersaachen - 24. Editioun 2025“ – Dekont a Subsid
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Dekont vum 29. Abrëll 2026 dee vum Gemenge Receveur, den Här Serge Harles presentéiert gouf, betreffend dem „Floumaart fir Jugend- a Kannersaachen - 24. Editioun 2025“, deen den 10. an 11. Oktober 2025 zu Keespelt stattfonnt huet.

An deem Kontext, accordéiert de Gemengerot der „Fondatioun Wonschstär“, een Don vu 5.500,00 Euro an decidéiert Differenz tëscht dem Boni vum „Floumaart fir Kannersaachen - 24. Editioun 2025“, an dem Don bäizeleeën, nämlech 677,30 Euro.

### 5.6. Chrëschtmaart „Jingle and Mingle 2025“ - Dekont a Subsid
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Dekont vum 29. Abrëll 2026 dee vum Gemenge Receveur, den Här Serge Harles presentéiert gouf, betreffend dem Chrëschtmaart „Jingle and Mingle 2025“, dee vum 28. November 2025 bis den 30. November 2025 stattfonnt huet. An deem Kontext, accordéiert de Gemengerot der „Fondatioun Sarah Grond“, een Don vu 4.000,00 Euro an decidéiert Differenz tëscht dem Boni vum Chrëschtmaart „Jingle and Mingle 2025“, an dem Don bäizeleeën, nämlech 727,06 Euro.

## 6. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot erkennt d'Noutwennegkeet vu sechs dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot un, nämlech dat vum 25ten Mäerz 2026, n°4, dat vum 15ten Abrëll 2026, n°4, dat vum 22ten Abrëll 2026 n°1 souwéi déi vum 29. Abrëll 2026, n°3, n°4 an n 5:

- dat éischt betrëfft d'Bauaarbechte fir e Reewaasser-Réckhaltebecken (Bassin d'orage) mat Zouleitung zu Nouspelt nieft dem Wee N° 314, vun der N°40 an der ZAE zu Kielen bis bei d'Entrée vun der Uertschaft Nouspelt, dat ab en Donneschdeg, den 9ten Abrëll 2026 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten;
- dat zwee betrëfft d'Installatioun vun engem Kran zu Ollem an der rue des Jardins virun den Nummeren 2 an 2A, dat ab e Méindeg, de 27ten Abrëll 2026 bis e Samschdeg, den 31ten Oktober 2026;
- dat drëtt betrëfft Äerdaarbechte fir den Uschloss vum BT Creos virum Gebai N°43 an der ZAE zu Kielen, dat ab en Dënschdeg, den 28ten Abrëll 2026 bis e Freideg, den 29ten Mee 2026;
- dat véiert betrëfft Äerdaarbechte fir d'Reparatur vun enger Fuite un der Waasserleitung zu Keespelt virum Gebai Nr. 57 an der rue de Kehlen, dëst vum Méindeg, de 4. Mee 2026, bis e Freideg, den 8. Mee 2026;
- dat fënneft gesäit Äerdaarbechte vir fir d'Reparatur vun enger Fuite un der Waasserleitung zu Meespelt virun den Haiser Nr. 22 bis 26 an der rue de Kopstal, dëst vum Méindeg, de 4. Mee 2026, bis e Freideg, den 8. Mee 2026;
- dat sechste betrëfft Virbereedungs-, Opbau- an Ofbauaarbechten an der Strooss „Op der Wiss“ an an der Ëmgéigend zu Ollem am Kader vun der Manifestatioun „Springfield Festival“, dëst vu Mëttwoch, den 13. Mee 2026, bis en Dënschdeg, den 19. Mee 2026.

# GESCHLOSSE SËTZUNG

## 7. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Ufro fir d'Pensioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Administratives
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot bewëllegt engem Gemengebeamten an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Administratives, eng éierbar Demissioun aus senge Funktiounen, fir säi Recht op Pensioun geltend ze maache, mat engem Merci fir seng gutt an trei geleeschte Servicer.

## 8. Personal Ugeleeënheeten – kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA)

### 8.1. Ännerung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Soziales *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot decidéiert d'Tâche vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Soziales ze änneren.

### 8.2. Ufro fir d'Pensioun vun engem Gemengenemployé an der Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot bewëllegt engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales eng éierbar Demissioun aus senge Funktiounen, fir säi Recht op d'Pensioun geltend ze maache, mat engem Merci fir seng gutt an trei geleeschte Servicer.